

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Info-Box

Bestell-Nummer:	13002LU
Sprooch:	Lëtzebuergesch
Kaméidistéck:	4 Akte
Bünebiller:	1 Stuff an engem Haus
Spildauer:	120 Min.
Rollen:	5
Frauen:	2
Männer:	3
Rollensatz:	6 Hefte
Preis Rollensatz	105,00€
Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00€	

13002LU

Am Schied vun den Äppelbeem

(Kaméidistéck an in 4 Akten)

von
Jos Weimerskirch

Inhalt :

De Pier an d'Alexandrine waren bei hirer Tatta op Besuch wéi déi gestuerwen ass. Si wëssen vun engem Testament, wëssen awer net op d'Tatta et am Haus huet oder ob et beim Notaire läit. Béit maache sech vill Hoffnung, mee d'Jasmine an hire Mann de Serge och. D'Tatta huet alles ënner gewësse Konditiounen verierft.

D'Stéck spillt an der Géigewaart.

Persounen:

Persounen	Beschreibung
[Pierre] Pier	Mann vum Alexandra, Ament vum Janine
Alexandrine	Schwëster vum Serge a Fra vum Pier, Niess vun der "Tatta Adelhaide"
Janine	Fra vum Serge a Maîtresse vum Pier
Serge	Brudder vum Alexandrine a Mann vum Jasmine, Neveu
Rostocopovitchov	Doudegriewer/ Notaire

Männerstëmm

Fraestëmm

Stëmm vun engem Aarbechter

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Akt 1

Szeen 1

(D'Alexandrine leeft wéi vun enger Béi gepickt hin an hir. Et gesäit aus wéi wann et op eppes waarde géif. De Pier geet mam Dokter eraus)

Pier: *(virun der Dier)* Äddi Haer Dokter, a Merci.

(E kennt nees erëm a kuckt d'Alexandrine.)

Alexandrine: An?

Pier: Hues de den Dokter héieren?

Alexandrine: *(hätt gären eng Bestätegung)* Ass Si dout? Huet den Dokter Daer dat gesot?

Pier: Et besteet keen Zweifel.

Alexandrine: *(schmunzelt)* Si dout?

Pier: Jo

Alexandrine: *(glécklech)* Da si maer elo räich.

Pier: Héchst warscheinlech.

Alexandrine: *(op emol ganz eescht)* Dann ass si dout.

Pier: Jo esou ass d'Liewen. *(D'Alexandrine fänkt mat Kräischen un)* Fir wat Kräischs de?

Alexandrine: *(voller Tréinen, eng Fra vu Welt)* Aus Trauer, am Trauer ze sinn, an aus Freed, Millionäre ze sinn.

Pier: Aus deenen zwou Ursaachen?

Alexandrine: Et kann een aus Trauer a vu Freed Kräischen.

Pier: Esou spuert een Zäit. *(eng Paus)* Ech ginn eraus telefonéieren fir den Doudegriewer ze ruffen. Dann héiert deen och net dän Ënnertoun. *(Hie geet, d'Alexandrine trëppelt duerch d'Zëmmer. Wéi et ob Erënnerunge stéisst [Fotoen, Bréiwer,...] kräischt et nees. Wéi et op wäertvoll Objete stéisst [Bijouen, Schéckheft ... kräischt et vu Freed].*

Alexandrine: Et ass méi einfach aarm Elteren ze begrüewen. Ob mannst weess een dann fir wat ee kräischt.

Pier: *(kennt eran)* Den Haer Rostocopovitchov versicht muer de Moien ze kommen. Wa net kennt en am fräien Nomëtten

Alexandrine: Wien?

Pier: Den Haer Rostocopovitchov, *(eng Paus)* den Doudegriewer.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Alexandrine: Komesche Numm fir en Doudegriewer!

Pier: Hien huet e net gewielt!

Alexandrine: En hätt säi Numm kéinte wiesselen. (*Hien deet hier wirklech leed*) Villäicht hat hien net di finanziell Mëttel?

Pier: Lo musse maer séier hiert Testament fannen.

Alexandrine: Mengs de hat hätt sech getraut eis ze entierwen?

Pier: Si huet eis villäicht an deene leschten 2 Joer vergiess.

Alexandrine: E Gléck, dass maer gëschter hei waren.

Pier: Dee Besuch huet eis erlaabt mat hir de leschte Wee ze goen.

Alexandrine: A gewuer ze ginn, dass si hiert Testament geännert huet.

Pier: (*zynes*) Dat wousste maer virdrun, soss wiere maer jo gëschter och net komm.

Alexandrine: (*iwwerzeegt sech*) Pier. Maer si gëschter komm fir si ze gesinn. (*eng Paus*) Ech war frou mat der Tatta.

Pier: Gudd, dat gesi maer nach.

Alexandrine: (*kräisch*) Ech bieden dech respektéier dee Verstuerwenen. Si war nach esou jonk.

Pier: (*perplex*) Si hat 97 Joer.

Alexandrine: Et hätt jiddereen hir der 20 ginn.

Pier: Jiddereen kann sech ieren.

Alexandrine: Meng aarm Tatta.

Pier: Wou hues Du dän Testament higeluegt?

Alexandrine: Si huet net vill bräichten ze änneren. Laut dem Testament vu virdrun, géife maer 40 % kréien a mäi Brudder och, di aner ginn un d'Jesuiten.

Pier: Mat 97 Joer do ännert een säin Testament net. Et ersetzt een et net duerch e méi einfacht, wéi zum Beispill, ech ginn alles enger eenzeger Persoun.

Alexandrine: Maer zum Beispill. (*eng Paus*) Millionär stell Daer dat vir. (*Bal am gaangen ze sangen*) A meng Schwéiesch kritt näischt. (*dreemt*) Stell Daer vir, datt kéint weiderhin just hir Been an hir Broscht presentéieren an eis nokucken wa maer d'Milliounen ausginn. Ech kafe maer eng Rolls, a wann et nëmmen ass fir him beim laanscht ze fueren a wénken ze kënnen.

Pier: Ech huelen un, dass hat di selwecht Gedanken huet.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Alexandrine: (*mat enger Stëmm nach méi voller Has*) Dat wier him zouzetrauen. (*D'Alexandrine gëtt nervös*) Gudd, dass ech do anescht sinn, a wéi e Bam do stinn. Dat Testament muss dach iergendzousch hei ze fanne sinn! Wou kann hat et nëmmen verstoppt hunn? (*Hat wullt iwwerall a mécht alles duercherneen. Vun engem Ablack op deen aneren hält et op*) Pier?

Pier: Ja!

Alexandrine: Wa maer et fannen, wat maache maer dann domat?

Pier: Maer maachen et op, kucken ob et fir eis favorabel ass an da maachen maer et nees zou.

Alexandrine: Ah!

Pier: An da leeë maer et nees dohinner zeréck wou maer et fonnt hunn oder an den Drecksback.

Alexandrine: (*gereizt*) Ob alle Fall, wann si versicht mech ze entierwen, planzen ech hier keng Blummen ob d'Graf. (*eng Paus*) Ech kenne se jo ganz gudd. Da weist een sech bis se 92 Joer al ass vun der feiner Sait, et mengt een et wier alles gereegelt an dann 1 Mount ier se stierft, boums. Den Zirkus deen ech hir gemaach hunn, fir dass se d'Haus net verkeeft: "Oh Tatta wat ass dat Haus schéin a besonnesch di Äppelbeem! Versprach Tatta, maer haen déi ni ëm". (*Denkt un hir Schwéiesch*) Alles opginn fir dat Framësch. Da géif ech et jo nach léiwer verbrennen.

Pier: Du hues ni dru geduecht et ze verkafen?

Alexandrine: Nimools.

Pier: A verlounen?

Alexandrine: Nach manner.

Pier: Du wëlls wierklech, dass ech mat Daer hei op di verloosse Platz plënneren.

Alexandrine: Jo awer mat Geld! Natierlech gëtt et e klenge Problem mat der Luucht, mee wann een di al Äppelbeem ëmseet, da fält Luucht eran.

Pier: An däi Versprechen?

Alexandrine: Dat war fir hir eng Freed ze maachen.

Pier: Ech hat gemengt du géifs dech dodrunner halen.

Alexandrine: Nee, da kéint ee jo ni am Gaart spillen. (*si geet bei d'Fënster*) D'Janine an de Serge.

Pier: (*ameséiert*) Maer schécken hinnen eng Bäileedskaart! Déi Gesichter fir dat verpassend Begriefnes. An dann, wann se och nach näischt ierwen ...

Alexandrine: Si sinn do.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Pier: Wien?

Alexandrine: Kuck. (*De Pier geet bei d'Fenster*) Wat maache maer?

Pier: Maer soen näischt! Villäicht ginn se just laanscht? Vergiess net esou vun denger Tatta ze schwätzen, wéi wann se nach lieue géif.

Szeen 2

Serge: (*vun dobaussen*) Tatta!

Janine: (*vun dobaussen*) Maer sinn et.

Serge: (*vun dobaussen*) Deng Lieblings-Kënnercher.

Janine: (*kënnst eran*) Coucou! (*gesäit just de Pier*)

Pier. Janine!

Janine: Wat fir eng Iwwerraschung.

(*Se ginn sech vill Kussen.*)

Serge: (*vun dobaussen*) Wou verstoppt sech d'Tatta? An der Kiki, an der Kichen! Opgepasst Tatta däi Serge ass a Form, wanns du net oppasst, stierfs Du vu laachen.

Alexandrine: (*äiskal*) Moien Janine.

Serge: (*vun dobaussen*) Ech maachen e kleng Witz.

Janine: (*äiskal*) Alexandrine, wat fir eng Freed.

Serge: (*kënnst eran mat enger Kasserolle um Kapp*) Moien Tatta.

Alexandrine: (*éierlech zefridden*) Komm looss dech drécken kleng Brudder.

Serge: (*éierlech zefridden*) Alexandrine! Wat fir Emotiounen.

Alexandrine: (*schwätzt vum Serge*) Du bass awer ëmmer esou gudd gelaut.

Serge: Esouguer wann ech net am gaange sinn ze iessen.

Pier: (*shockéiert, dass keen hien bemierkt huet*) Et freet mech. Léiwe Schwoer.

Serge: Mech och Bert.

Pier: Serge, ech heeschen Pier.

Serge: Du hues Rescht, mee dat anert ass méi léif! (*Ironesch*) Zum Schued vum Original.

(*E laangt Schweigen betount duerch puer "Ah" e verleeënt Laachen.*)

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Janine: (zum Alexandrine) Wëll Daer méi laang bleiwen (betount "mäi léift" ganz snob) mäi léift Alexandrine.

Alexandrine: E puer Deeg, (betount "mäi léift") mäi léift Janine.

Serge: Maer kommen héchstens fir e puer Stonnen. Maer sinn wéi all Woch hei hinne komm fir just kuerz no hir ze kucken.

Pier: (fäert ëm seng Ierfschaft) Daer kommt all Woch heihinner!

Serge: Genau wéi Daer.

Alexandrine: (ouni eppes ze verstoen) Wéi maer?

Janine: Dat sot si eis jiddefalls.

(Sou wéi si schwätzen héiert en eraus, dass keen vun hinnen emol an der Woch komm ass, an dass d'Tatta just esou gesot huet.)

Serge: Et ass erstaunlech. Ouni, dass maer eis ofgeschwat hatten hate maer de gläiche Rhythmus.

Pier: Wierklech erstaunlech.

Serge: Bleif Daer laang?

Alexandrine: De ganzen Dag!

Janine: Hei kuck, dat huet si eis awer ni gesot.

Alexandrine: Si wëll Aech net forcéieren. Du weess jo wéi reservéiert si ass.

(Et ass laang roueg. Di nei Gäscht géife gare froen wou d'Tatta ass, mee se trauen sech net.)

Janine: (zum Serge) Huesi wéi wier et wanns de während der Waardezäit eise Kaddo géifs auspaken.

Serge: Eng gudd Iddie (E packt en Aquarium mat Schildkröten aus) Ech stellen Aech d'Famill Fräsch vir! D'Cindy a (e kuckt den Pier) Bert!

Pier: Dat si Schildkröten.

Serge: Dofir hunn ech hinne jo och e Virnumm ginn. Mam selwechten Familljennumm wirken se éischer wéi eng Koppel.

Alexandrine: (fillt sech ugegraff) Du schwätz vun de Fräschchen.

Serge: Cindy a Bert, dat sinn hir Virnimm. Fräsch ass hire Familljennumm. Dat eent huet näischt mat dem aneren ze dinn.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Janine: Dat ass wéi wann ee gären en Af méi mënschlech wëll, da seet een och Haer Nielsson.

Alexandrine: (*spillt mat de Schildkröten*) Moien dier Affen.

Janine: Fräsch!

Serge: No esou enger langer Rees ass d'Famill Fräsch glécklech endlech hir definitiivt Haus kennen ze léieren.! Kili Kili, Kili. Si wäerten der Tatta Gesellschaft halen. Si wäerten léif mat der Tatta sinn. De Pappa Serge wëll, dass d'Tatta zefridden ass. (*zum Alexandrine*) Wat mengs du?

Alexandrine: (*éierlech*) Dat ass eng gudd Iddie.

Pier (*ironesch*) Déi beliewen d'Haus

Serge: (*hieft sech*) Ech ginn se erwächen, fir dass Si de Fräsche Moie soe kann.

Alexandrine: (*hält en zeréck*) Nee.

Pier: Si ass fort. Daer hutt keng Chance.

Janine: Aleng?

Alexandrine: Si wollt keng Begleedung.

Janine: Wou ass si higaang ? (*eng Paus, virwurfsvoll*) Daer hutt jo awer op mannst gefrot?

Alexandrine Jo (*sicht*) si ass

Pier: Op e Begriefnes.

Serge: (*mécht de Geck*) Ech hoffe jo net op hiert eegent.

Alexandre: Si ass an dem Alter.

Serge: Wéini kënt se erëm?

Alexandrine: An e puer Stonnen. (*de Pier gëtt hir mat engem Bléck ze verstoen, dass si eng Dommheet gesot huet*) Eh, ech wëll soen et wäert laang daueren! Weess de Serge esou Begriefnesser

Pier: Et ass esouguer méiglech, dass si iwwert d'Nuecht bleift.

Janine. Op engem Begriefnis?

Alexandrine: Maer liewen an enger komescher Zäit.

Serge: Ech stierwen vun Hunger! Meng Daer si hätt eppes dergéint wa maer eis, wa si net do ass, an der Kichen selwer zerwéieren?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Alexandrine: (*spontan*) Nee.

Pier: (*ganz decidéiert, mat engem virwurfsvolle Bléck a Richtung Alexandrine*) Dach.

Alexandrine: (*verbessert sech*) Ech wollt soen "Dach". Du weess si haasst et wann een an hirem Frigidaire wullt.

Serge: (*schwätzt ganz aleng*) Maer huelen hir net dat ganz lessen ewech! Komm maer kafen am Buttek niewendrun an.

Alexandrine: (*zum Pier*) Huesi, solls Du net nach telefonéieren? (*erstaunt iwwert déi Behauptung*)

Pier: Nee.

Serge: (*Serge entsat, dass kee sech méi fir säin Hunger interesséiert*) Solle maer da net eppes klenges lessen während maer waarden?

Alexandrine: (*insistéiert zum Pier*) Ech mengen awer dach.

Pier: Wiem?

Alexandrine: Ech hu säin Numm net verhal, (*sicht*) Rostocopoto?

Pier: (*erënnert sech, dass den Doudegriewer hei all Moment optauche soll*) Edouard! Rostocopovitchov ! A jo. Wou war ech mat menge Gedanken? Ech hat den Rostocopovitchov ganz vergiess.

Serge: (*ironesch*) Dat kënnt vir.

Pier: Et deet maer leed, mee ech muss telefonéiere goen! Ech muss!

Janine: Wien ass den Rostocopovitchov?

Serge: (*wëll e Witz maachen*) Hire Wodka-Lieferant (*platzt vu Laachen*) Ech si gudd drop. Schued, dass d' Tatta dat verpasst.

Pier: E Lieferant?

Janine: (*erstaunt iwwert den Duerchemeen deen d'Alexandrine gemaach huet*) Eh bien.

Alexandrine: (*genéiert*) Ech hunn alles e bésse geraumt ier Daer komm sidd.

Janine: (*verächtlech*) Dat gläicht Daer.

Pier: (*um Telefon*) Hallo! Haer Rostocopovitchov? (*eng Paus*) Ech sinn et nees! Wéi geet et Aech? (*eng Paus*) Schlecht? (*eng Paus, widerhëlt dat wat den Rostocopovitchov seet fir, dass d'Alexandrine et matkritt*) Daer sidd an engem Stau. Dat freet mech. Ech maachen de Geck. (*eng Paus*) Macht Aech keng Suergen Haer Rostocopovitchov, dat ass eng Klengengeket, behandelt et als Niewesaach. (*widerhëlt nees d'Sätz vum Rostocopovitchov*)

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Ass seng Fënster erof? Eng Ursaach weider! E soll Aech héieren. Wann een déi gewäerde léisst mengen se nach maer géife kleng bäi ginn. Sot him en hätt net d'Recht Aeren Auto unzepaken. Maer wäerten elo reagéieren. Ass en nach ëmmer op ärer lénkser Säit? (*stolz op seng Wäitsiicht*) Wann ech richteg verstanen hunn ass hien net deen dee fiert! Daer rullt nach ëmmer am Schratt? (*eng Paus*) Këmmert Aech net ëm dat wat hien Aech seet! (*eng Paus, mécht e no*) Si Daer nach mat aeren Hänn um Steier? Wann et maer nogeet, elo e sece Coup a seng Richtung! Gudd. Hu Daer gesinn? Dat huet dofir gesuergt, dass hien roueg ass. (*widderhëlt nees dat wat en héiert*) Daer och. (*versteet*) Daer och, mee dat ass net eise Problem. Wéi eng Grimass huet e geschnidden? (*eng Paus, mat iwwerzeegender Stemm*) Loosst Aech ob kee Fall beaflossen. (*eng Paus*) Gidd net eraus. Ech brauch Aech nach. Macht séier d'Fënster erop. Späert Aer Dieren a waart op d'Police. Wëll Daer, dass ech se ruffen? Wou si Daer? (*eng Paus, erstaunt*) Ass dat de Wee fir heihin. (*eng Paus*) Fir wat hu Daer maer net direkt gesot, dass Daer op d'Begriefnes vun der Madame Zold fuert?

Janine: Do ass sécher och d' Tatta. Dat war eng vun hire Frëndinnen.

Serge: (*wëll gäre witzeg sinn*) Si war nach ëmmer frou mat Solden. (*laacht a behëlt sech esou wéi wann di aner him fir de Sproch felicitéiere géifen*) Nee, nee dat ass net mäi Merite, dat war einfach.

Alexandrine: (*zum Pier*) Huesi, so zu hinnen se solle sech gudd ëm Tatta këmmere.

Serge: Dat verhënnert net, dass ech gudd drop sinn,

Pier: (*an den Telefon*) Kënn Daer Aech ëm eis Tatta këmmere! Muer oder iwwermuer zum Beispill (*et gesäit een, dass deen aneren sech Suerge ëm de Geroch mécht*) Mat engem gudden Parfum, kann ee sech gedéllegen! (*eng Paus*) Wat? Wat hu Daer fir en Auto? (*eng Paus, dann mat iwwerzeegter Stëmm*) Dat geet, déi hunn e stabillen Daach. (*ganz vertraut*) Bougéiert net, esoulaang en un Aerem Wischer fummelt denkt e net un Aech! Hallo! (*insistiert*) Hallo! (*en hänkt an, eng Paus*) Ech schwätzen eng aner Kéier mat him.

Alexandrine: Deen aarmen Haer Rostocopovitchov.

Janine: Ech mengen dee muss en Taxi huelen.

Pier: (*spillt dee geleierten*) Virun Joren wier e vun engem vu senge Landsleit gefouert ginn.

Serge: Ah sou?

Pier: Jo. 1917 ass di ganz russeg Nobeles zu Lëtzebuerg als Taxichauffer opgetaucht. Wousst Du dat net?

Serge: (*knoutert*) Ech hu keng Relatiounen an deem Krees.

Alexandrine: Daer wäert jo elo net streiden.

Serge: Dat huet eis di ganzen Zäit gefeelt, zënter dass maer eis fir d'lescht gesinn hunn.

Alexandrine: Zenter 9 Méint.

Pier: (*erstaunt*) 9 Méint.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Serge: (*ganz theatralesch*) Wéi wier et wa maer dat mat engem lesse feiere géifen?

Alexandrine: (*ganz glécklech*) Gudd Iddie. (*zum Pier*) Wat mengs du?

Pier: (*kuckt op de Serge*) An der Rei. Well ee rar mat vollem Mond schwätzt ass dat e Gewënn.

(*De Serge geet op de Pier lass, mee d'Alexandrine hält en zeréck.*)

Alexandrine: Serge! Serge! (*zum Serge ganz kannerech*) Wéi wier et wa maer ewéi fréier géifen zesummen akafe goen?

Serge: (*begeeschtert*) Schwëster, looss eis goen.

Alexandrine: Kënne maer Aech loossen?

Serge: (*zitt u senger Schwëster*) Bleift brav.

Pier: Versprach.

Szeen 3

(*Laang roueg.*)

Pier: (*et gesäit een, dass hien sech net wuel fillt, e geet bei d'Janine*) Et ass schéin, dass maer eis no esou laanger Zäit erëm gesinn.

Janine: Ganz, (*hat heet him eng*) ganz léif.

Pier: All déi Méint...

Janine: Aleng ... oder bal!

Pier: Di leschte Kéier wou maer eis gesinn hunn war och hei.

Janine: (*an engem virwurfsvollen Toun*) Sonndes den 11 Januar moies um 8 Auer. Du has maer net "Bis eng aner Kéier" mee "Äddi" gesot.

Pier: Du hues eng gudd Memoire.

Janine: (*ënnerschwelleg*) A verschiddene Saachen.

Pier: ... (*douce*) Janine.

Janine: (*ënnerbrécht seng Avancen*) Et huet deen Dag gereent. (*Hien geet bei hat an hat heet him nees eng op de Bak*) Du has maer dat schonn eng Kéier gespillt.

Pier (*halef häerzeg*) Hues Du meng SMSë krut?

Janine: Originell.

Pier: Pardon.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Janine: Hues Du den Aly kannt?

Pier: Nee, wien ass dat?

Janine: Mäin éischten Frënd! Ech hat 14 Joer an hien der 13.

Pier: Huet seng Famill ni eng Plainte gemaach wéinst Verféierung vu Mannerjäregen?

Janine: Maer waren 2 Joer hannerteneen op der selwechter Platz an der Vakanz. Di 2te Kéier sot hien maer, en hätt sech ni bei maer gemellt, well en meng Adresse verluer hat.

Pier: Dat ka schonn emol virkommen.

Janine: Ech hunn dat ni gegleeft, deemools schonn.

Pier: Wat wëlls de domadder soen...?

Janine: Ech wëll....!

Pier: Géi. So ech wier e Ligener.

Janine: Ligener.

Pier: Dozou hues du net dat Recht.

Janine: Dach well du litts.

Pier: Dat ass kee Grond. Wann een all Mënsch dee litt als Ligener géing bezeechnen, wou géife maer dann hi kommen?

Janine: An d'Regierung.

Pier: (*douce*) Bass de rose mat maer?

Janine: (*litt*) Guer net.

Pier: Dach.

Janine: Nee.

Pier: Janine, fir wat hunn ech dann d'Gefill, dass Du rose mat maer bass.

Janine: Néng Méint.

Pier: Dat ass eng witzeg Zuel.

Janine: Vernoléissegung.

Pier: (*mécht bis an d'Onendlecht de Geck*) Mee wann ech Daer geschriwwen hätt, da wier dat och eng Zort Bedrunn un eis gewiergt. Geet schonn duer, dass maer di aner bedréien. Et géif och nach feelen, dass maer eis bedréien.

Janine: Mee maer hunn se net bedrunn.

Pier: Véier Mol.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Janine: Véier Mol géllt net.

Pier: Wärend engem Bestietnes, dat misst duebel zielen.

Janine: Et ass scho komesch di Methode déi maer benotzen fir eis während eisem Bestietnes auszetoben.

Pier: Esouguer um engleschen Haff hu se net esou wäit geduecht.

Janine: Di éischte Kéier am Karfeld wéi mäi fräsch bestueten Mann gesongen huet (*sengt*) "**Ein Bett im Kornfeld**". Dat war genial.

Pier: Ob menger Hochzäit war et och net besser.

Janine: Bof.

Pier: (*insistiert*) Erënner dech hannert dem Rousestack.

Janine: Dat war banal. D'Angscht virun denger Hochzäitsnuecht huet dech nervös gemaach.

Pier: Et waren net d'Nerven, mee d'Daer vun de Rousen. (*eng Paus, begeeschtert*) A beim Begriefnes vun ärer Bom.

Janine: Dat war deen Dag wou s Du mech forcéiert has an ech guer keng Loscht hat.

Pier: Jo, awer just am Ufank.

Janine: Jo, mee et ass den Ufank dee géllt.

Pier: A virun 9 Méint wéi deng Tatta hir 97 Joer gefeiert huet.

Janine: Ech hat domadder gerechent.

Pier: Et kann ee scho bal soen, dass di Familljentreffen Routine sinn, do ass esou en onwichtig kommen, (*gëtt sech bewusst wat e gesot huet*) ech wëll soen, esou en ongeplangten Treffen, scho méi opreegend. (*eng Paus*) Hu maer genuch Zäit?

Janine: (*voller Averständnis*) Wann ech mech esou ëmkucken, hei am Raum si keng Rousen.

Pier: Wëlls Du domadder eppes soen?

Janine: (*provoziert*) Nee, ech waarden op dän Zeechen.

Pier: (*Don Juan*) Janine, et huet deen Dag gereent. (*Janine kuckt zur Fënster eraus*) Fäert net. Si brauchen nach e bëssen.

Szeen 4

Janine: Do ass een.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwene, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Pier: Maer sinn net do.

Janine: Villäicht presséiert et? Tatta huet 97 Joer.

Pier: Do besteet kee Risiko. *(gëtt sech senger Dommheet bewosst)* Si ass gudd drop! *(Béid verstoppe sech. Den Rostocopovitchov kënnt eran, seng Kleeder si ganz zerrass. Dem Pier fällt dat net op a schläicht sech erun.)*

Janine: Pier.

Pier: Och wann et villäicht presséiert, maer kënnen et net wëssen, well maer sinn net do.

Janine: *(ameséiert)* Menger Meenung no kriss Du do eppes net mat.

Pier: Euh, wat?

Janine: Dass et um Land Moud ass, di Viischtdier net zou ze spären.

(De Pier hieft sech a bemierkt de Rostocopovitchov. Wéi wann näischt wier, gëtt hien him d'Hand.)

Pier: Monsieur *(stellt sech vir)* Pierre Hubert! Ech hat Aech net gesinn.

Rosto: Dat hat ech maer geduecht.

Pier: Villäicht versti Daer och wann ech Aech froen wat Daer hei am Haus maacht?

Rosto: Mäin Zoustand.

Pier: Esou wéi Daer ausgesitt, gesi Daer ganz rüsteg aus.

Janine: *(glécklech de Pier jalous ze maachen)* Well nëmme e puer Männer hei sinn, géif ech soen Daer wäert esouguer de flottste Kärel.

Rosto: Mäin Zoustand, *(zum Pier)* ass dee fir ënnert d'Leit?

Janine: Mannequin?

Rosto: Ech heeschen Edouard Rostocopovitchov.

Janine: *(zum Publikum)* De Reesender! *(zu him)* Ech hat net gemengt Aech an Natur kennen ze léieren.

Pier: *(niederträchtig)* Haer Rostocopovitchov! Wat fir eng Iwwerraschung. Daer sidd sécher wéinst eiser klenger Bestellung hei?

Rosto: Wann Daer dat esou nennt.

Janine: Ech haassen d'Reesender. Daer interesséiert mech net méi.

Pier: Lauschtert hir net no si ass Kommunist.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Janine: Dat huet hei näischt mat Politik ze dinn. Ech hu just keng Loscht mech wéi d'Hierken an der Tonne ageengt ze fillen an dat de ganzen Dag, tëschent deem s ech haut de moien opgestane sinn an ech haut den Owend schlofe ginn.

Rosto: (*spëttesch*) Hu Daer dat scho probéiert?

Janine: (*ganz fatal*) Ech schwätzen ni ouni Erfahrung.

(*De Rosto wëll eppes soen, mee de Pier ënnerbrécht.*)

Pier: Jo di Fraen. Et kann een se net verstoen. Ob alle Fall ech ka bezeien, Daer gehéiert fest an eis Gesellschaft, Tonne hin oder Tonne hier. Ob alle Fall soll Daer zu Aerem Beruff stoen. Daer braucht do guer kee schlecht Gewëssen ze hunn, am Géigendeel, Sidd stolz ob aere Beruff.

Rosto: Ech géif gäre meng Cliente gesinn.

Janine: Wéi heescht se?

Rosto: Tatta Adelhaide.

Janine: Do hu Daer keng Chance, si ass ob e Begriefnes. Kann ech Aech villäicht hëllefen?

Rosto: Dat géif mech wonnere.

Janine: Ha Ha! Ech laachen Haer Rost an esou weider.

Rosto: (*verbessert*) Copovitchov....Tchov!

Janine: Dee Numm verhält jo keen. Lo hu Daer fir näischt en Taxi geholl. Maer gefällt dat, ech haassen di Leit déi vun deenen ale Leit profitéieren.

Rosto: (*choquéiert*) Wat heescht hei profitéieren.

Pier: Huesi Du iwwerdreifs.

Janine: Di Al kënne sech guer net méi wieren.

Pier: Natierlech.

Rosto: Ass et da mäi Feeler wann et der ëmmer manner ginn?

Pier: Do sinn ech mat Aech op enger Säit.

Rosto: An iwwerhaupt ech lafen der Clientèle net no, déi kënnt vum selwen bei mech.

Janine: Aere Kierperbau zitt déi sécher un.

Rosto: (*stolz*) Dee war Aech och net entgaang.

Janine: Wësst Daer hei am Hannerland ka jiddereen Mannequin ginn.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Rosto: Daer wëllt mech vun alle Säiten anenken.

Janine: Wat ass deen sexuell opzédéiert.

Rosto: Egal, dat verhënnert net, dass Clientë bei mech kommen.

Janine: Ah sou Aer Clienten och.

Rosto: Jo ech vergruewen déi intakt.

Janine: Di Saach gött ëmmer méi speziell. Wou vergrueft Daer?

Rosto: Op engem Kierfecht, net am Supermarché. *(zum Pier)* Hat ass komesch Aer Kollegein!

Janine: *(versteet)* Daer wëllt soen Daer wäert....

Pier: *(ënnerbrécht et)* En ass net just de Rostocopovitchov *(zum Rosto)* Hat hält Aech fir en Doudegriewer *(de Rosto wëll eppes soen mee e gött ënnerbrach)* Ah Nee erlaabt! "Erlaabt,.. Der sidd vill méi? Daer sidd. Daer sidd. Daer sidd...

Janine: Hu Daer en Hallefzäitjob?

Rosto: Iwwerhaupt net, Madame *(eng Paus)* ech si voll beschäftigt.

Janine: A wat maach Daer hei?

Pier: *(gestikuléiert)* E kënnt eis "Moien "soen. Natierlech! E konnt net op seng Aarbecht goen wéinst deem trauregen Accident an do sot hien sech *(sicht)* E sot sech "Tiens! A wéi wier et dann wann ech mäin ale Bekannten emol nees eng Kéier besiche géif goen".

Janine: Wat sees du do. Du hues en jo mol net kannt.

Pier: Sécher! Mee dat ass d'Tatta! Et ass d'Tatta *(no bei den Tréinen)* Et ass d'Tatta. Tatta sot e sech, a wéi wier et wann ech meng aal Bekannten d'Tatta mol nees eng Kéier besiche géif, sot e sech *(zum Rosto)* Ne?

Rosto: Jo wierklech, ech hu mech decidéiert Aerer Tatta all Prioritéit ze ginn.

Janine: Gudd. Mee wéi gesot si ass op engem Begriefnes. A well et net hirt eegenen ass ruffe maer Aech zeréck esou bal si do ass.

Pier: Äddi, léiwen Haer, et war eis eng Freed Aech kennen ze léieren

(En dréckt en eraus. Deen anere geet a kënnt erëm a schnoffelt.)

Rosto: Et deet maer leed, mee et ass eng Läich hei.

Janine: Daer sidd geschwënn eng, wann der net gläich gitt.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Rosto: As dat eng Drohung?

Janine: Ech stiechen d'Männer entweder an eng Tonne wéi d'Fësch oder an eng Doudelued.

Pier: Gidd Monsieur, soss geschidd nach eppes.

Rosto: Hei ass eng Läich oder ech heeschen net méi Rostocopovitchov.

Janine: Meng Daer?

Rosto: Ech mengen dat net Madame, *(eng Paus, schnoffelt)* ech richen et.

Janine: Kéint Daer eis soen wou ären Doudegen ass?

(De Rosto sicht, a bleift schlussendlech virun der Tatta hire Kummerdier stoen.)

Rosto: Do bannen.

Janine: Gudd, da gi maer him Moie soen.

(Si mécht Dier op, jäizt well se erféiert a kënnt erëm.)

Pier: Wat ass? *(de Pier geet kucken)* Oh Tatta.

Rosto: *(zefriddén)* Ech hunn direkt geroch, dass Aarbecht op mech duer kënnt.

Janine: Si ass dout.

Rosto: *(zum Publikum)* Ech iere mech ni.

Pier: *(zum Janine nodeems hien kucke war)* Ech mengen Du hues Recht.

Janine: Si ass net op engem Begriefnes, si ass dout.

Rosto: *(zum Publikum)* Entweder et kann een et oder et kann een et net. Bei maer ass et en Don. Meng Tatta Berthe hunn ech vun engem Kilometer Distanz geroch. *(begeeschtert)* Mee opgepasst, ech richen net nëmmen Mënschen. Et ass maer virkomm, dass ech eng doudeg Katz op 400 m geroch hunn. Enges Daags war eng Dauf op der Maartplaz iwwerrannt ginn, an ech...

Pier: *(hält en op)* Merci et geet duer.

Janine: *(zum Pier)* Wéi eekelhaft, seet eis se wier op engem Begriefnes an dann ass se dout.

Rosto: Aech feelt et awer un Imaginatioun.

Janine: *(zum Rosto)* Halt Daer Aech do eraus. *(zum Pier)* Wéi laang verstoppt Daer se schonn?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Rosto: *(am Toun vun engem Expert)* Zënter gudd 10 Stonnen, menger Nues no. An déi huet sech jo haut och schonns e puer mol bewisen.

Janine: *(zum Pier)* Du sees näischt.

Rosto: *(zum Publikum)* Ech ginn oft vun der P.J. geruff! Fir ze kucken ob ech di eng oder aner Läich fannen! Expertisen daueren laang a sinn deier. *(begeeschtert)* Hei leschten Dënschden, do hunn ech en Erdrunkenen fonnt...

Janine: *(zum Rosto)* Ech sot roueg.

Pier: *(zum Rosto)* Insistéiert net. Wann si rosen ass schwätzt si mat kengem.

Janine: *(zum Pier)* Ech héieren.

Pier: Also mäi léift, lo wéilt ech awer gäre wëssen wat s Du wëlls.

Rosto: Also do mäi léift, ginn ech him Recht.

Janine: *(zum Rosto)* Roueg. *(zum Pier)* Ech verlaangen Erklärungen.

Pier: Wat wëlls de, dass ech Daer soen. Si gehéiert zu menger Fra hirer Famill, ech hunn näischt domadder ze dinn. Gleeft maer, ech konnt näischt méi maachen. Dat ganz ass eng Saach vun Ethik.

Janine: Ethik?

Pier: Genau. Et ganz peinlech den Dout vun engem Familljemember matzedeele wann een nëmmen indirekt zu der Famill gehéiert.

Janine: Ah bon. Da si maer 2 sécher anescht erzu ginn.

Pier. Villäicht, mee ech sinn formell den Haer Rostocopovitchov ass en éierbare Mann, dee kann dat bezeien.

Rosto: *(zum Janine)* Däerf ech? *(hat weist him "Jo")*. Dat hunn ech nach ni héieren.

Pier. *(zum Rosto)* Daer sidd sympathesch.

Rosto: *(zum Pier)* Et deet maer leed, mee laut ärer Theorie dierft ech d'Läichen déi ech Dank menger Nues fannen guer net fannen, wéi géif dat dann ausgesinn?

Janine: *(zum Rosto)* Sot Daer Schnoffeler, géif et Aech schwéier falen sech emol e bëssen ëm Aer Clientèle ze këmmere.

Rosto: Madame ech bieden Aech, e bësse méi Unerkennung. Ouni de Schnoffeler, wéi Daer sot, géif Daer elo nach gleewen d' Tatta wier op engem Begriefnes, wat net hiren ass. Ausserdeem passt op, ech wëll mech net ëm Saache këmmere déi mech näischt uginn, mee ech richen eng lerschaftsgeschicht.

Janine: Dat, dat hunn ech och geroch.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Szeen 5

(Während der Szeen schnoffelt de Rosto stolz.)

Serge: *(kënnt eran mat lauter lesssaachen)* Hei si maer. Et ass alles regional. Maer maachen dat ganz zu engem klengen Menue a kréinen dat ganz mat engem Geessekéis, dee richt esou staark.

Alexandrine: *(begeeschtert)* Do erwächt esouguer en Doudegen.

(Si gött sech bewusst, dass se eng Dommheet gesot huet.)

Rosto: Roueg.

Alexandrine: *(zum Rosto)* Monsieur?

Rosto: Well keen op d'Iddie kënnt mech virstellen, *(stellt sech vir)* Rostocopovitchov Eduard.

Serge: *(wëll e Witz maachen)* Kann een dat iessen?

Rosto: Pompes funébres.

Serge: *(explodéiert vu Laachen)* Da kann een dra bäissen, Croque mort.

Rosto: *(entsat)* Déi ass gudd!

Serge: Ech muss zouginn ech sinn an enger super Form.

Rosto: Dat ass eng eege Meenung.

Pier: Dat mengen ech och.

Serge: Sidd elo net beleidegt: Cannibal ass net Cannibal. Daer sidd méi ziviliséiert, de Croque mort ass besser wéi de Croque Monsieur. *(en explodéiert vu laachen)* Ech muss ophalen. Ech packe mech net méi.

Janine: *(zum Serge)* Häerzi, hues Du schonn mat denger Schwëster geschwat?

Serge: Nee, maer waren mat de Fräschchen spazéieren.

(E mécht de Mond op an zou ouni e Wuert ze soen.)

Rosto: *(perplex)* D'Fräschchen?

Pier: Sou nennen se d'Schildkröten.

Rosto: Fräsch! E komesche Numm fir eng Schildkröt.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Janine: An "Rostocopovitchov", fann Daer dat besser?

Serge: (zum Janine) Janine! Sou wéi wann et meng Aart a Weis wier fir näischt ze soen.

Pier: Genau.

Janine: (zum Serge) Huet si Daer näischt gesot?

Serge: Nee, (an engem witzegen Toun) mee dat ass esou wéi bei all Fra déi doheem näischt ze soen huet, a just do d'Erlabnis huet fir "jo" mam Kapp ze wénken.

Rosto: (zum Serge mat engem ironeschen Toun) Daer Sidd awer witzeg.

Serge: (deen d'Ironie net matkrut huet) Fann Daer och? (eng Paus) Sot fir wat schnoffelt Daer an engem Stéck? Ass dat en Tick?

Rosto: En nätzlechen Tick.

Janine: (zum Serge) Hat Alexandrine Daer näischt gesot iwwert Begriefnes zum Beispill wou d'Tatta hin ass?

Serge: (zum Rosto) Wéi sou si Daer eigentlech net do.

Rosto: Et ass een a mäin Auto gerannt. A well en Taxi guer net esou deier war fir heihinner ze kommen hunn ech deen geholl. Ech muss soen et war derwäert.

Alexandrine: (zum Serge) Serge ech muss Daer eppes soen. Mee net hei komm.

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstéck
"Am Schied vun den Äppelbeem"*

Wëll Dir dat ganz Theaterstéck liesen?

Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.

Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstéck

Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text

Rout Bestellbox. Di ganz Rollen

Blo Bestellbox: Liesprouw per Post oder Zousaatzheft zu de Rollen

Wann Iech dat Theaterstéck gefalen huet, da bestellt dach einfach
di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.
www.mein.theaterverlag.de

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Vertrieb

mein-theaterverlag
41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15

Telefon: 02432 9879280
e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de – www.theaterstücke-online.de – www.theaterverlag-theaterstücke.de – www.nrw-hobby.de